



Groupe parlementaire

N°692
Entrée le 06.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.05.2024

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

De Weekend vum 4./5. Mee war d'Escher Autobunn A4 opgrond vu gréisseren Aarbechte vun der Stad a Richtung Esch-Uelzecht gespaart. Fir déi betraffe Leit hätt déi einfachst Léisung dora bestanen, vun deene reegelméissegem Zuchverbindungen tëschent eisen zwee gréisste Stied ze profitéieren. Allerdéngs war zur selwechter Zäit och d'Linn 60 fir den Trafic gespaart an duerch Bussen ersat, déi du selwer och nees hu missen d'Ëmleedung zur Autobunn fueren, wouduerch den Trajet sech gläichermooose verlängert huet.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi war déi Decisioun motivéiert, fir gläichzäiteg déi wichtegst Verbindung am Beräich vun der individueller Mobilitéit, wéi och am öffentlechen Transport tëschent der Stad an Esch zouzemaachen?
- 2) Besonnesch Aarbechten op Zuchstrecke musse wéinst dem internationalen Impakt ganz laang am Viraus geplangt ginn. Gesäit d'Madamm Minister vir, hir Zerwischer a sou engem Fall an Zukunft méi enk ze koordinéieren, fir entspreichend Baustellen zäitversat vuneneen ze organiséieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten,
op d'parlamentaresch Fro N° 692 vum 6. Mee 2024
vum Här Deputéierte Jeff Engelen
iwwer d'Coordinatioun vun de Baustellen**

- 1) Wéi war déi Decisioun motivéiert, fir gläichzäiteg déi wichtegst Verbindung am Beräich vun der individueller Mobilitéit, wéi och am öffentlechen Transport tëschent der Stad an Esch zouzemaachen?*
- 2) Besonnesch Aarbechten op Zuchstrecke mussen wéinst dem internationalen Impakt ganz laang am Viraus geplangt ginn. Gesäit d'Madamm Minister vir, hir Zerwässer a sou engem Fall an Zukunft méi enk ze koordinéieren, fir entspriechend Baustellen zäitversat vuneneen ze organiséieren?*

Aarbechten op dem Schinnereseau ginn, genau wéi Aarbechten op den Autobunnen, esou geplangt, dass sou mann wéi méiglech Leit impaktéiert ginn. Deemno fanne kleng Aarbechten oft an der Nuecht, a gréisser Aarbechte prioritär um Weekend oder a Schoulvakanze statt. D'CFL an Stroossebauverwaltung plangen sou Interventiounen laang am Viraus a concertéiere sech a reegelméissegem Ofstänn. Hei gëtt dann zum Beispill och de Busersatzdénsgschtt vun der CFL mat de Stroosespäire vun der Stroossebauverwaltung koordinéiert.

De Weekend vum 4./5. Mee war et aus organisatoresche Grënn net méiglech, dës 2 Chantieren laanschteneen ze plangen. D'Verfügarkeet vu Fournisseuren an Entrepreneuren, national an international coordonéiert Baustellen op aneren CFL-Linnen oder um Schinnereseau vun engem Nopeschland, si Beispiller an deenen sou Situatiounen och an Zukunft ausnamsweis wäerte kënne virkommen.

Lëtzebuerg, den 6. Juni 2024

D' Ministesch fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes